CSV BIISSEN

Am Gemengerot vum 25. November 2021 goufen déi meescht Decisiounen eestëmmeg geholl.

1) **Plan de gestion forestière 2022**

De Fierschter Serge Reinardt huet de Forstplang fir d'Biisser Bëscher (am Ganze 550 Hektar) am Joer 2022 virgestallt. Vum Office régional du tourisme Guttland gouf eisen 2,8 Kilometer laange Fitnesstour als ee vu 7 barrièrefräie Bëschweeër ausgezeechent.

Am Joer 2022 gëtt mat just 202.604 Euro Einname gerechent. Als Depense si virgesinn am Ganze 428.700 Euro Euro. Den Defizit mécht 5,75 Euro pro Awunner a pro Mount aus.

2) **Ouverture des magasins en 2022**

De Wirtschaftsminister gëtt gefrot, fir datt déi Biisser Geschäftsleit sonndes an op de Feierdeeg hir Geschäfter am Joer 2022 kënnen opmaachen.

3) **Nuits blanches 2022**

Fir d'Joer 2022 goufen d'fräi Nuechten op d'Fest vun der Aarbecht (1. Mee 2022), den Europadag (9. Mee 2022), de Kiermesweekend (10.-12. Juni 2022), de Virowend vun Nationalfeierdag (22. Juni 2022) an op Silvester (31. Dezember 2022) festgeluecht.

4) **Indemnités revenant aux recenseurs**

Am Kader vun der nationaler Vollekszielung kréien d'Vollekszieler eng finanziell Indemnitéit:

- 1,15 Euro pro Gebai;
- 2,30 Euro pro Stot;
- 1,40 Euro pro Persoun;
- 29 Euro fir d'Participatioun un der Formatiounsreunioun.

5) **Programme d'action annuel du SICONA 2022**

Am Aarbechtsprogramm vum Naturschutzsyndicat SICONA fir d'nächst Joer sinn d'Aarbechte fir 2022 opgezielt. Nieft de klasseschen Aarbechten (Entretien vun de Biotopen, Kooperatioun mat de Baueren, Aktioun Päiperlek, SICONA Kids, Natur genéissen, Uebstbeem, …) gëtt d'Wiss (65 Ar) bei der aler Kläranlag am Brill reamenagéiert an op der selwechter Plaz e 4,5 grousse Stéigewässer ugeluecht.

De Budget beleeft sech op 351.952,07 Euro, dovunner sinn 96.323,66 Euro zu Laaschte vun der Gemeng.

6) **Budget rectifié 2021 de l'Office social**

7) **Budget 2022 de l'Office social**

D'Biisser Gemeng ass zesumme mat de Gemengen Helperknapp, Lëntgen a Miersch Member vum kantonalen Office social Miersch. Den ordinäre Budget fir 2022 beleeft sech op 1.910.416,61 Euro. D'Biisser Gemeng wäert 68.843,24 Euro am Joer 2022 abezuelen.

8) **Subsides aux associations non locales**

Eng Gesamtsomme iwwer 3.950 Euro gëtt u Subsiden un auswäerteg Associatioune verdeelt. Dozou zielen ë.a. d'Association des victimes de la route (200 Euro), d'Häerz fir kriibskrank Kanner (200 Euro), d'Ile aux clowns (200 Euro), d'Wonschkutsch (200 Euro), d'Special Olympics (150 Euro), Noël de la Rue (100 Euro), Elteren a Frënn Atert Lycée Réiden (50 Euro) a SOS Sahel (50 Euro). Dëst Joer koumen nei derbäi:

- Fleegeeltere Lëtzebuerg (150 Euro);
- Massendénger Äischdall-Helpert (150 Euro).

9) **Convention initiale Pacte logement 2.0**

D'Regierung huet nom Auslafe vum éischte Pacte logement en neie Pacte Logement lancéiert. Un dëser Initiativ hëlt och dës Kéier d'Biisser Gemeng deel. Heizou muss d'Gemeng bannen engem Joer mat enger Conseiller logement e « Pacte d'action local logement » ausschaffen. De Staat iwwerhëlt en Deel vun den Honorairë fir dëse Conseiller logement an zwar maximal 25.000 Euro.

10) **Avis**

a) **2e plan de gestion des risques d'inondation**

b) **3e plan de gestion des parties luxembourgeoises des districts hydrographiques internationaux du Rhin et de la Meuse**

D'Regierung huet verschidde Pläng an der Waasserwirtschaft ausgeschafft. All Bierger hat heizou Geleeënheet, fir eng Observatioun op der Gemeng anzereechen. Zu Biissen koum keng Observatioun eran, dofir huet de Gemengerot e positiven Avis zu dëse Pläng ofginn.
Op der enger Säit ass de geplangte Flutpolder tëschent Béiwen a Biissen definitiv gestuerwen, op der anerer Säit sollen nei Initiativen ënnerstëtzt ginn, ewéi d'Ausschaffe vun engem Staarkreenkonzept fir Biissen.

11) **Nouveau membre à la Commission Pacte Climat**

De Marc Becker gouf an d'Klimapaktkommissioun gewielt.

12) **Championnats de cyclisme FSCL à Bissen en 2022**

De Gemengerot huet mat 7 Jo-Stëmmen a 4 Enthalunge säi prinzipiellen Accord zum Duerchféiere vum nationale Vëloschampionnat 2022 zu Biissen ginn.
De 24. Juni 2022 ass d'Zäitfueren an alle Kategorien, mat Depart an Arrivée an der Grand-Rue. De Circuit geet iwwer d'Fléiergaass (route de Boevange), Béiwen, Gréiweknapp, Bill an d'Renkelsgaasss (route de Finsterthal).
De 25. bis 26. Juni 2022 sinn dann d'Stroossecoursen an alle Kategorien. Hei sinn déi jeeweileg Departën an Arrivéeë beim neie Sportskomplex an der ZAC Klengbuusbierg.
D'Gemeng ënnerstëtzt den Organisateur « Sport a Fräizäit Zéisseng » mat 20.000 Euro. Dofir verzicht den Organisateur op de Verkaf vu Gedrénks a Gegrills, wat duerch d'Veräiner vu Biissen iwwerholl ka ginn.
D'CSV-Fraktioun huet sech enthalen, wëll mir en "Overkill" vun de Gemengenaarbechter fäerten. Op der enger Säit sollen si eis Duerf propper halen an op der anerer Säit sinn zu der Zäit och schonns vill aner Gemengenaktivitéiten (BisScène, Kiermes, Nationalfeierdag).

13) **Approbation de plusieurs actes notariés**

Et goufen eng ganz Rëtsch Notairesakten am Kader vum Reamenagement vun der Rue de la Barrière gutt geheescht. Dat selwecht gëllt fir d'Gebai vun der fréierer Post op der Place de l'Immigration, wou d'Gemeng elo Proprietär ass. Och den Terrainstosch ronderëm déi künfteg privat Crèche op der Kräizung vun der Mierscherstrooss mat der Rue de Reckange gouf notariell festgehalen. Schlussendlech gouf den Droit de superficie mat der Schräinerei Moma am ZAC Klengbuusbierg opgehuewen, well d'Schräinerei den Terrain der Gemeng ofkaaft huet.

14) **Approbation de plusieurs décomptes**

a) Bau vun der neier Sportshal
Total des devis approuvés : EUR 16.625.025,80
Total de la dépense effective : EUR 17.483.538,69

b) Uleeë vun den neie Foussballterrains
Total des devis approuvés : EUR 3.217.615,32
Total de la dépense effective : EUR 2.340.321,95

c) Uleeë vun den neien Terrainsterrains
Total des devis approuvés : EUR 777.291,80
Total de la dépense effective : EUR 742.993,38

15) **Nouveaux membres à la Commission de la jeunesse**

An der Jugendkommissioun goufen déi demissionär Membere Christian Semeraro, Brigitte Jeitz a Charel Schreurs duerch d'Susanna Canossa Martins, de Sean Dos Santos Dias an de Lorent Musli ersat.

16) **Questions des conseillers communaux**

Op d'Ufro vun der CSV-Fraktioun huet de Schäfferot eis informéiert, datt d'Ausschaffe vum Bordereau fir d'Ausschreiwe vun de Botzaarbechte vun de Gemengegebaier viraussiichtlech 13.500 Euro kascht. D'Offere fir dës Aarbechte goufen den 2. November 2021 opgemeet an elo gëllt et ofzewaarden, ob e Recours géint d'Ausschreiwung agereecht gëtt oder net. Eréischt dono gi mir den Numm vum Gewënner vun der Ausschreiwung an deemno den Numm vun der künfteger Botzfirma fir d'Gemengegebaier gewuer.